



Fernand ETGEN  
President vun der  
Chamber vun den Deputéierten  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, , den 18/08/2022

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech  
lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Bannenzeg Sécherheet & Justiz  
weiderzeleeden.**

Fir ASBLen, grad ewéi Entreprises, gëllt d'Flicht, fir sech am LBR androen ze loosson an do  
reegelméisseg d'Bénéficiaires effectifs an d'Bilanen ze hannerleeën. Am Fall, wou dëst net  
gemaach gëtt, si Strofe virgesinn. Mir ass an dësem Kader ee Fall zougedroe ginn, laut  
deem de President vun enger Asbl doheem vun der Police opgesicht gouf an an de  
Policebüro convoquéiert gouf, well d'Bénéficiairen net kommunizéiert gi waren.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Kann d'Ministesch d'Prozedur vun der Ausstellung vun enger Amende am Kader vum  
Net-Respekt vum Gesetz vum 13ten Januar 2019 nach eng Kéier erklären?
2. Fannen d'Ministeren et proportionell, dass 3 Poliziste bei de President vun enger Asbl  
heem geschéckt ginn, wéinst enger Irregularitéit am LBR?
3. Sinn d'Ministeren der Meenung, datt esou eng Ëmsetzung - wéi an der Intro  
beschriwwen - vum Gesetz 13ten Januar 2019, d'Attraktivitéit vum Benevolat  
schiedegt?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Député

